



Mini - Semindairen 2020

- Zil: Sech thematesch fir seng pedagogesch Aarbecht inspiréieren an informéiere loossen, Kenneléiere vum soziale Sektor am Land, Austausch mat engem spezifesche Jugendservice a mat anere Jugendstrukturen, et kann een d'Thema bei sech an der Jugendarbecht opgräifen a kritt fachlech Ënnerstëtzung dobäi
- ëmmer vun 10-12 Auer
- am Konferenzsall um Siège vum DLJ
- Infos an Umeldung op: seminaire@dlj.lu



Mëttwoch, den 26.2.2020

Kollaboratioun Jugendhaier-Wunnéngshëllef

Zesumme mat der Wunnéngshëllef a.s.b.l. an där den DLJ säit dësem Joer als Daachverband Member fir all Jugendhaus ass, bidde mir eng Informationsséance iwwert déi verschidde Services vun der Wunnéngshëllef un.

Zil ass et, Professionellen aus de Jugendhaier, d'Méiglechkeet ze ginn, ënnert bestëmmte Bedingungen, op d'Hëllefsoffere vun der Wunnéngshëllef zréckzegräifen fir jonk Erwuessener a Wunnéngsnout z'ënnerstëtzen. De Jugendarbechter*innen ginn déi konkret Démarche virgestallt, wéi si hir Jonk am Hëllef op d'Wunnéngshëllef ënnerstëtze kënnen.

WICHTEG: D'Participatioun un dëser Informationsséance ass obligatoresch, fir kënne vun den Offere vun der Wunnéngshëllef ze profitieren

SPROOCH : lëtzebuergesch

1

2

Donneschdeg, den 19.3.2020



Ëmwelt- a Klimakonzepter fir Jugendstrukturen

Vum Mouvement Écologique begrësse mir de Bildungsreferent vun der Jugend-Sektioun MOVE. De Fokus vun dësem Input läit virun allem um Engagement an Empowerment vu Jonken, fir sech fir dat Thema anzusetzen. D'Diskussioun gëtt an de Kader vun de Klimademonstratiounen gesaat, wou läschte März iwwer 10.000 SchülerInnen op der Strooss waren an duerno och weiderhin Demo'en organiséiert goufen.

Mir wäerten d'Fro stellen : Wat heescht dat elo fir d'Arbecht vun de Jugendstrukturen? Wéi kënne si hiren Deel dozou bäidroen, d'Erausforderungen um Thema Klima, Ëmwelt an och Naturschutz unzegoen?

SPROOCH : lëtzebuergesch

3

Donneschdeg, den 14.5.2020



Spielsucht bei Jugendlichen

Die Mitarbeiter der „Anonym Glücksspieler a.s.b.l.“ stellen ihre Angebote vor und erläutern die Spielsucht, mit Schwerpunkt auf Computerspielsucht. Das Glücksspiel wie auch Smartphone/Social Media werden hintergründig mit angerissen.

In der anschließenden Diskussion wird die Situation der Jugendstrukturen im Hinblick auf Spielsucht, Computerspielsucht, Glücksspiel und Smartphone bei den Jugendlichen thematisiert und Bedarfe ermittelt.

SPROOCH : lëtzebuergesch

4

Mëttwoch, den 24.6.2020



Sex Education

Das Ceras -Centre national de référence pour la promotion de la santé affective et sexuelle-stellt seinen ganzheitlichen, positiven Ansatz zur sexuellen und affektiven Gesundheit vor. Warum ist die sexuelle Gesundheit so wichtig für das eigene Wohlbefinden, welche Aspekte gehören dazu? Und welche Projekte verfolgt das Ceras, um die sexuelle Gesundheit in Luxemburg zu fördern? In der anschließenden Diskussion wird spezifisch über „Sex Education“ in der Jugendarbeit gesprochen und eine jugendgerechte Umsetzung in den Strukturen der Jugendarbeit behandelt.

SPROOCH : lëtzebuergesch

5



Mëttwoch, den 23.9.2020

Volontariatsméiglechkeeten

Mir begrëssen d'Mataarbechter vun der Division „Soutien à la transition vers la vie active“, déi folgend Informatiounen fir d'Jugendstrukturen bereethaalen:

- d'Méiglechkeete fir d'Strukturen (Jugendhaier an ASBLen) fir selwer Volontairen opzehuelen (CES an SVN)
- d'Offere déi d'Strukture bei hire Jonke kënne promouvieren (SVN, CES an SVC)
- eventuell och kuerz Visa-Vacances-Travail an Aupair

An der Diskussioun kënnen d'Jugendarbechter*innen hir Experienzen dozou austauschen an/oder hire Besoin äusseren. Den SNJ bitt seng Berodung am Fall vu Froen zu all dëse Méiglechkeete fir déi Jonk un.

SPROOCH : lëtzebuergesch

6

Mëttwoch, den 21.10.2020



Pädagogik des sicheren Ortes für Jugendstrukturen

Op der Basis vun der «Pädagogik des sicheren Ortes in Jugendhilfestrukturen» informéiert d'Phoenix a.s.b.l. iwwer eng Grondhaltung fir Jugendarbechter*innen a Jugendstrukturen.

D'Fro no der Haltung vum Pädagog an der Jugendstruktur gëtt belicht am Hëllef op hiren Impakt op d'Dynamik am Jugendhaus/der Jugendstruktur. Am Ëmgang mat «schwerege Jonken» spillen Elementer wéi «Deeskalatioun a Kierpersprooch» awer och Kompetenzen am «Ëmgang mat gewaltaffine Persounen» eng grouss Roll.

Déi uschlëssend Diskussioun bitt d'Méiglechkeet, eng Kéier déi eege Gruppendynamik am Jugendhaus ze betruechten a je no Besoin Berodung z'erhaalen.

SPROOCH : lëtzebuergesch